

## **Konveniat vun de „Garde Grand-ducale“ 1965-1966**

Et sinn elo 50 Joer, datt den obligatoresche Militärdéngscht ofgeschaf ginn ass.

Fir eis un deem Dag ze erënneren, huet den Antoine Colling eis op de Rassemblement vun der Garde op Klierf agelueden.

D' Treffen huet mat engem Crémant op der Terrass vum Rhino ugefaang. Den Här Koener Erny huet eis duerch de Boutique & Design Hotel „LE CLERVAUX“ gefouert an eis dee ganze Ressor Komplex erkläert. No enger kuerzer Besichtigung vum Spillsaachemusée wor ee gemeinsam Mëttegiessen am Restaurant Rhino, wou mir eis al Erënnerungen austausche konnten.

Am Nomëtteg stoung eng Visite mat Féierung vun der Fotoausstellung „The Family of Man“ vum Edward Steichen am Schloss um Programm, duerno hu mir nach e puer Stonnen zesummen op der Terrass vun der Cabana Lounge-Bar verbruecht.

Am spéiden Owend hu mir eis op den Heemwee gemaach, fir eis an zwee Joer erëm ze gesinn.